Freeport – Culture's safe

Szene 1 - Spatenstich

XY: Mittwoch, 14. November 2012: „The Luxembourg Freeport“: Erster Spatenstich erfolgt
In Anwesenheit der Minister Luc Frieden, Octavie Modert und Etienne Schneider, des Präsidenten der Abgeordnetenkammer Laurent Mosar, des Bürgermeisters von Niederanven Raymond Weydert sowie zahlreichen Persönlichkeiten und Verantwortlichen des Flughafens, hat am Mittwoch der erste Spatenstich für die Freihandelszone "The Luxembourg Freeport" stattgefunden. Dieser befindet sich in unmittelbarer Nähre des Cargo Center auf dem "Heienhaf".

Politiker kommen op d'Bühn. Zäitlupp. Spatenstich. Foto. Pose. Gi rem of.

XY: Moment, dat kann et jo nach net gewiescht sinn. Kann de Luc Frieden nach eng Kéier zreck op d'Bühn kommen.

Gespréich bäussen

DD: Moment, wee vun eis war lo de Luc Frieden?
CC: Du?
EE: Ech duecht, du wirs de Frieden?
CC: Ech hu vun Ufank u gesot, et ass mer egal ween ech spillen, Haaptsaach net de Frieden.
DD: Jo, egal, maach et trotzdem.
BB: Nëmmen iwwert meng Läich.
EE: Dajee, sief keen Asi.
BB: Nëmmen iwwert méng Läich.
AA: Gutt da spillen ech en alt.

Frieden kënnt zréck op d'Bühn.

AA: Ja?
XY: Wat ass dat iwwerhat, de Luxembourg Freeport.
AA: Soll ech dat lo an der Roll soen, oder privat?
XY: An der Roll.
AA: Majo... Als éischt musse mer mol festhalen, datt dëse Projet zustan komm ass opgrond vun der Globaliséierung an der Finanzkris. Et sinn haart Zäiten an deene mer liewen, a mir musse versiche weider kompetitiv ze bleiwen, och an Zäite vun der Finanzkris musse mir kompetitiv bleiwen, dofir ass dëse Projet zustan komm, an dat däerf een net vergiesse, well dat ass alles ganz wichteg, wéinst der Globaliséierung an der Finanzkris...
XY: Okay, okay, dat do huet jo kee wäert, so et einfach privat!
AA: Privat?
XY: Privat.
AA: Sou wéi ech et géif soen ?
XY: Sou wéi's du et géifs soen.
AA: A méngen eegene Wieder ?
XY: An déngen eegene Wieder.
AA: Ech soll privat, sou wéi ech et géif soen, a méngen eegene Wieder erkläre wat de Luxembourg Freeport ass.
XY: Jo.
AA: Ech hu keng Ahnung.

XY: Wéi, du hues keng Ahnung? Hues du deng Newsletter net gelies?
AA: Do war keng Attach dobäi?
XY: Bei dénger Mamm wor keng Attach dobäi. Sécher wor do eng Attach dobäi.
AA: Nee, do wor keng Attach dobäi.

Déi aner Schauspiller komme rëm op d'Bühn a reege sech op.

CC: Do wor keng Attach dobäi.
DD: Krute mer iwwerhat eng Newsletter?
EE: D'Newsletter ass komm, mä een Attach wor net dobäi.
XY: Do wor eng Attach dobäi. Freeport.pdf.
FF: Ech krut d'Newsletter, an ech hu se gelies, mä do wor keng Attach dobäi.
XY: Et ass jo egal op eng Attach dobäi wor oder net. Mir haten ofgemaach, mir maachen dest Joer eppes aneres. Dokumentartheater mat satireschem Kommentar. Dee ganzen Inhalt vum Steck steet am Internet. Dir hätt Iech jo mol selwer informéiere kënnen.
AA: Somol geet et nach?
EE: Ech weess wat et ass.
XY: De Freeport?
EE: Jo.
FF: Streber.
XY: Ma dann erklär du eis dach einfach wat de Freeport ass!
EE: Ma, de Freeport ass sou ee Gebei, dat iergendwou gebaut gouf, wou ee ka Saache rastiechen déi doheem um Späicher géife stéieren.
DD: Déng Bom!
EE: Méng Bom zum Beispill. Mä, et däerf een net vergiessen, ech hunn dat iergendwou gelies: „The Luxembourg Freeport" is not a Graveyard.
XY: Et hat jo gutt ugefaang, mä de Schluss war och nees Blödsinn. Moment, ech komme rof.
FF: Vläit weess jo een äus dem Publikum wat de Luxembourg Freeport ass.
CC: Dat gleefs du jo wuel net selwer.
FF: A firwat dann net?
CC: Ma kuck der se mol un, dat kanns de jo kengem zielen. Lo si mer dëst Joer extra an een anstännegen Theater geplënnert, fir datt do deeselwechte Wouscht sëtzt wéi déi Joere virdrun.
EE: Wéinstens hu mer dëst Joer roud Still. Dat ass scho mol eng Verbesserung zu roude Bänken.

Szene 2: Präsentation David Arendt

GG: Sorry fir d'Verspéidung.
XY: Ah, GG, schéin datt's du och nach laanschtkënns.
GG: Ech hu keng Parkplaz dobäusse fonnt. Ech hu mäin Auto lo an den Theaterparking gestallt. Déi Sue kréie mer jo zreck, oder?
CC: Mä bass du integralbehënnert.
HH: Sot emol, dir wäert dach lo geschwënn mam Thema virumaachen.
GG: Hei, dréck du einfach op däi Knäppchen an hal d'Schnëss.

D'Luucht geet äus.

GG: Bon, Dréck nach eng Kéier op de Knäppchen an hal d'Schnëss.

D'Luucht geet nees un, Spot op d Riednerpult.

XY: D'GG weess secher net wat de Freeport ass.
GG: Dach, et stoung jo an der Attach vun der Email.
CC: Idiot.
DD: Verräter.
GG: Ech hu mech wierklech domat äusenanergesat, ech hu souguer mol provisoresch dem David Arendt, dem Direktor vum Luxembourg Freeport séng Ried op der Horizons-Konferenz 2013 komplett äuswenneg geléiert. Ech droen iech déi lo einfach mol fir.
FF: Komerodeschwäin.

Jiddvereen ausser dem GG geet vun der Bühn.

XY: Mir stellen eis d'Konferenz fir, organiséiert a gesponsort vun Deloitte. D'Gréissten vun der Letzebuergescher Finanzwelt sinn do. De Raum ass voll matt Bankieren, Politiker an potentielle Clienten, an direkt noom interessanten Virtrag "What future for the distribution of Luxembourg's financial products in a fast moving European environment" ass et um David Arendt, Managing Director bei "Natural le Coultre" an CEO vum Luxembourg Freeport mat senger Präsentatioun "Luxembourg freeport, a new opportunity for Luxembourg's financial center?". Des Presentatioun wäert iech de Freeport net just präsentéieren, mä iech och d'Waasser am Mond zesummelafe loossen.

GG: I'll be short, crisp and to the point.
I would like to thank Deloitte, not only for inviting me today to present this project to you, but also because they've been very instrumental in attracting this project, this business to Luxembourg, which, at the time, was competing with other locations. I also want to thank Minister Frieden, not only for his uplifting speech this morning, but also for his role in getting this project off the ground. And I think you will join me in wishing him good luck with his next challenge which is this afternoon's session with parliament.
I have a presentation, I don't know how to get it started.

So, what are we talking about? Freeport, first of all the word "port", op Lëtzebuergesch: Hafen. Tatsächlech befanne mir eis direkt um Flughafen, an dat ass definitiv e kompetitive Virdeel fir eise Betrieb. Bei deem Wuert "free", also fräi, geet et natierlech ëm Steieren, an dësem Fall ëm indirekt Steieren, TVA an Zoll. Op der Welt ginn et vill Port francen, och an Europa. Mä eise Freeport ass eenzegarteg, well e sech äusschließlech op speziell Mehrwertsdengschter fir wertvoll Gidder konzentréiert. So this is a fortress of art, eng Festung vun der Konscht, eng Plaatz, déi net nëmmen do ass fir engem sai Verméigen ze verstoppen, mä fir et am beschtméiglechen Zoustand z'erhalen. Dat ass eis Missioun: déi kulturell Integritéit vun de Konschtwierker an de Kapitalwäert vun de Gidder déi eis uvertraut goufen, z'erhalen. Kuerz: eng ultrasecher Platform fir d'Lageren an d'Handelen an engem tax-friendly environment.

Visitors to the Freeport will have to be announced, dat heescht datt mir net einfach Leit raloossen déi kucke wëlle wat dobanne geschitt. Se mussen duerch ee Metaldetektor, hir Saache gi gescannt, dat gëtt systematesch sou gemaach, there will be no exception.
The Luxembourg Freeport ass net eng geheim Plaz, mee et ass eng privat Plaz, d'Öffentlechkeet huet dowéinst keen Zougang.

Mir wäerten eng spektakulär Lobby hunn, eng Plaz fir gréisser Events, wou ëm déi 100 Leit drun deelhuele kënnen. An där Lobby wäert eng bombastesch Skulptur vun engem Portugis sinn, dee Skulpturen an de Betong klappt.
We only rent space to professionals. Déi Profien ëm déi et geet si Spediteuren an aner Agenten, déi op d'Transporéieren an d'Lagere vu Wäertgéigestänn spezialiséiert sinn. Verschiddener konzentréiere sech op Konscht, anerer op Edelmetaller. The names are familiar.
Tax-friendly environment, ee steierfrëndlecht Ëmfeld: Dat heescht, dat mir hei ennert engem Gesetz

operéieren, duerchgesat mat der aktiver Hellef vum Minister Frieden, dat et eis erméiglecht eisen Service ouni TVA an Zoll-Depensen unzebidden.

Mir sinn dovunner iwwerzeegt, dat mir e besseren a méi genschtege Service wéi Banken ubidden kënnen. Vill Banken hu keng Safes oder wellen keng Safes méi hunn, et ass e Gedeessems fir Banken, et ass net hieren core-business.

Dowéinst wellkomm um Lux freeport, scheckt eis är Clienten, mir wäerten, by the way, just Banken als Clienten unhuelen, we don't want people from the street emptying their bank accounts, bringing the cash to us, mir wellen net dat Leit vun der Strooss hier Konten eidel maachen, an hier Suen bei eis bréngen. That's not going to work.

Ech bleiwen net eiweg bei deem näechsten Punkt hänken. Letzebuerg ass, ofgesinn vun deene klengen Turbulenzen déi mer de Moment hunn, emmer nach eng immens secher Plaz, not only to park your financial assets but also, now, your physical assets: Net just fir äere finanzielle mä lo och fir äre materielle Besëtz. Dat ass natirlech e wichtege Punkt wann dir Auslänner invitéiert, déi wëlle hieren Picasso net a Syrien lageren, maybe they don't want to put them in France now either. Dowéinst bidde mir fir Leit a béide Fäll eng very high-end an geegent Alternativ un.

I think i will stop the Presentation here, it's getting late and i kept my promise. Please visit our Internetsite luxfreeport.com, you will see more informations, and if you have questions, i'm happy to answer them outside.

AA: Majo ech hätt effektiv nach eng kleng Fro...
GG: Ma ech soot dach grad: outside, do wou d'Kameraen net u sinn, do kann een dann direkt och bei enger Coupe Schampes kleng Geschäfter arrangéieren.
AA: Nee, et geet nach em eng Fro zum Freeport selwer, ech hunn nach emmer net genee verstaanen, firwat deen lo do ass.
GG: Kenns du aus dem Éisleck?
AA: Firwat?
GG: Net just, dat deng Opmierksamkeetspann fir komplex Informatiounen opzehuelen enner Null ze leie schéngt, du verstees anscheinend och keen Business-Englesch.
AA: Dach, englesch hate mer op der Ackerbau-Schoul awer bis 11ième.
GG: Ma, déi méi kléng Clienten können einfach desen FAQ befroen, *(Den FAQ [DD] kennt op d'Bühn)* deen iwweregens och op luxfreeport.com ze fannen ass, all Froen wäerten hei gekläert ginn.
AA: Mä am Éisleck hu mir keen Internet...
GG: Wat en Aarmut mä bon. Dofir ass hie jo lo hei.

AA: Okay, also... Mir hunn zwar bei eis doheem keng Konschtwierker, mä mäin Neveu molt nawell ganz gär mat Waasserfaarwen, déi nerven alt e bëssi un der Tapéit, an et wëll een deem klenge Säukand jo och net wéidoen, mä dir hutt jo lo do Äre Freeport, an do géif et mech dach ganz staark interesséieren -

DD gett dem AA ee Stapel mat Käertercher

AA: Hä?
DD: Hei sti sämtlech Froen déi's du mir stelle kanns. Ech heeschen ëmmerhin FAQ - Frequently Asked Questions - an net RAQ.
AA: Wat ass RAQ?
DD: Randomly Asked Questions.
AA: Ah, okay... ehh... What types of goods can be stored at the LFP?
DD: Valuable goods originating within or without the European Union such as works of art, fine

wines, precious metals, jewels and diamonds, vintage cars, etc
AA: Autoen a Wäin? Zut, an ech hu just Gromperen dobäi. Hm, why is the Luxembourg Freeport particularly well suited for the storage of fine art?
DD: *Size:*
All corridors hallways and doors are 3m by 3m, except on the ground floor where corridors, hallways and doors are 4m by 4m.
Fire suppression
- Fire suppression systems are based on gas injection to choke fires rather than sprinklers.
- Walls and doors are fire resistant for 90 (Ground floor, 1st and 2nd floor) to 180 (basement) minutes.
- In case of a fire, the airport fire brigade would be on the premises in less than 5 minutes.
AA: A fennef Minutten sinn d'Pompjeen do? Wann bei eis am Eisleck eng Schoul brennt, soen se um 112: "Wa mir bis do uewen sinn ass d'Feier egal wéi schon aus, loosst brennen". Mä dat mam Wäin kléngt interessant: Why is the Luxembourg Freeport particularly well suited for the storage of fine wines?
DD:- 4 wine cellars on 2 stores.
- Capacity to store 750,000 bottles.
- Temperature and humidity maintained at optimal conservation levels
- Vibration captors.
- Quality assurance programme verified and certified by an independent audit firm.
- Possibility to organize wine tasting events at the LFP.
AA: Tiptop. Weider: What types of services are offered with respect of stored goods?
DD: Other than storage, a whole range of value adding services are offered such as valuations, photography for catalogues, show rooms for display, restoration, expert opinions, framing, crating, shipping, insurance, customs formalities, etc.
AA: What is the “free” in the “Freeport”?
DD: The Luxembourg Freeport operates under a regime of suspension of customs duties and VAT covering incoming goods and services rendered with respect of the goods while in storage at the LFP. Goods that change hands at the LFP are not subject to VAT nor is a withholding tax collected on the capital gain.
AA: Okay, an dann nach hei: Is the Luxembourg Freeport a conduit for money laundering?
DD: Geldwäsch?... Ehm... dovu weess ech näischt.
AA: Et steet awer hei op der Kaart: Is the Luxembourg Freeport a conduit for money laundering?
DD: Okay, okay, lues w.e.g... Accusations have been launched that Freeports, including the Luxembourg Freeport, could be used for money laundering purposes. The Luxembourg Freeport Management Company S.A., as manager of the LFP, firmly rejects these accusations. The Luxembourg Freeport is part of the Luxembourg territory and all Luxembourg laws, including the law of November 2004 regarding the combat of money laundering and funding of terrorism, apply. This law transposes into national law EU directives 2005/60CE and 2006/73 CE.
AA: Ehm, heescht dat lo jo oder nee?
DD: Dat ehm... d'ass dach schäiss egal...

Szene 3: Presse

Die andern kommen zurück auf die Bühne, tragen Bilder, "Metalle" und Weinflaschen auf die Bühne.

BB: Dat kléngt zwar wierklech alles ganz interessant.
EE: Ech hätt och gäeren eng Plaz an där Schatzkummer fir meng Wäifläschen, eise Keller ass nämlech bëssi ze waarm.
BB: Kann een hei och d'Punkten vun menger Cactus-Clientskaart laageren?
CC: Vintage Cars... Heescht dat ech kann Iech mäin ale Manta ginn? Soss geet en un

d'Monstertruckrennen.
DD: Mooooooment. De ganze Schmorri do... Hellef! David!
FF: Dee Saz hei steet nëmmen am Text fir datt ech och eppes ze soen hunn.
GG: Stop. Dem David Arendt säi Virtrag wor net un den ordinären Pöbel geriicht, mä u potentiell Business-Partner.
CC: Wat heescht dann hei Pöbel?
BB: Mir hu lo verstaanen wat de Freeport ass, an géife gäere profitieren.
GG: Nee, stopp, dir hutt do eppes falsch verstaanen. Dir gitt nach op eng aner Art a Weis informéiert. Net op déi nämlecht Art-a-Weis wéi déi potentiell Cliente vum Freeport.
DD: Wann ech hei sou an de Public kucken, froen ech mech zwar, fir wéi eng potentiell Clienten déi ganz Presentatioun vum Freeport lo geduecht wor.
GG kuckt e bëssi verleeën an d'Publikum
GG: Zut du hues Recht. Dowéinst sinn d'Leit och guer net sou begeeschtert iwwer d'Meiglechkeet zukünfteg amplaz mat Immobilien mat Konschtwierker ze spekuléieren, an dat TVA-fräi an anonym am Freeport. An leider ass de Grond, firwat Clienten den Freeport sou super fannen deen nämlechte Grond firwat de Pöbel en net gutt fanne geif.
DD: An dowéinst gett et zwou Versiounen vun der Freeports-Geschicht: Eng fir d'Clienten, an eng fir iech.
EE: Ah Tiptop.
AA: Goil. De Wahn. Eng Gellecht.

DD fänkt un Zäitungen auszedeelen, behält och selwer eng.

GG: Lo geet et drem, iech, léif Öffentlechkeet, iwwer déi vill positiv Aspekter z'informéieren. Konscht ass eppes Wonnerbares.
DD: Jo, Konscht ass eppes, wat all Mensch gutt fennt. An datt Konscht am Freeport guer net méi Konscht ass, mä eng Spekulatiounswuer wéi Petrol, Liewensmettel oder Immobilien, muss jo net onbedingt erwähnt ginn.
BB: "Konscht ass eppes Wonnerbares", ass dat net een Trick?
AA: Wann et een Trick wier, geif eis Qualitéitspress en direkt duerchkucken.

Jiddereen bliedert an den Zäitungen ronderem.

AA: Tageblatt, November 2013: "Neben dem Cargocenter an der Ausfahrt 10 der Trierer Autobahn entsteht derzeit ein Gebäude, das in Zukunft eine bedeutende Rolle in der Kunstwelt spielen soll: der Luxembourg Freeport"
CC: Déi Info mat der Autobunns-Zorti ass zwar och wichteg, gutt dat d'Tageblatt do recherchéiert huet.
BB: Artikel am Letzebuerger Land, Dezember 2013: "Im Moment haben wir keine Ahnung, was kommt oder welcher Anteil an zeitgenössischer Kunst dort gelagert wird." Doch vielleicht, sagt er, „ist dies eine Gelegenheit, Werke nach Luxemburg zu bringen, die sonst nicht hierherkommen würden.“ Das Gleiche, glaubt er, gelte für die Kunden. Der Freihafen, meint er, trage ganz generell zur „Komplexität“ des Kunststandorts Luxemburg bei, biete andere Möglichkeiten, mit Kunst in Kontakt zu kommen, und werde wahrscheinlich auch Kunstinteressierte nach Luxemburg bringen, die ansonsten nicht unbedingt kämen.
CC: Och de Paperjam leisst do den David Arendt selwer zu Wuert kommen: "Notre Port-Franc n'est pas un simple entrepot pour entreposer des ouevres d'art et d'autres objets de valeur. C'est une oeuvre d'art en soi [...]. Il etait tres important de donner un "Look-and-Feel" qui nous distingue absolument de ce qui existe par ailleur dans le marché."
DD: Am Essentiel steet: "Plus qu’un lieu de stockage, le promoteur Euroasia Investment veut y faire «vivre l’art»". Euroasia Investement, ass dat och den David Arendt?
BB: Nee, dat ass den Yves Bouvier, deen ass och nach Chef vun Natural le Coultre...

DD: Ah. Soit.
FF: D'Ausland ass och begeeschtert: Hei am Magazin "Rheinische Art": Ein Tresor für die Kunst: Auf dem Gelände des Luxemburger Flughafens Findel sind zurzeit die Bauarbeiten für ein bemerkenswertes Projekt kultureller Infrastruktur im Gange." Hmhmhm, blablabla... "Da darf es auch nicht verwundern, dass der Zugang zum Freeport für die Öffentlichkeit nicht möglich ist. Der Luxembourg Freeport, er wird nicht nur den Finanz- und Logistikstandort Luxemburg stärken, sondern auch das so nahe gelegene Rheinland als Kunststandort."

Si hu verschidden Säz aus den Artikelen un d'Whiteboard gehaangen.

EE: Den David Arendt souz jo wierklech vill um Telefon, do ass et nemme fair, dat d'Zäitungen dat wat hien eis soe well och onkomentéiert iwwerhuelen.
AA: Bedeutende Rolle in der Kunstwelt, andere Möglichkeiten, mit Kunst in Kontakt zu kommen, c'est une oeuvre d'art en soi, y faire "vivre l'art", Rheinland als Kunststandort...
BB: Konscht gett also bei deem Projet immens grouss geschriwwen.
FF: Schued just, dat kee vun eis déi Konscht zu Gesiicht kreie wäert.

AA: De Gedanken hat d'Tageblatt dann och iergendwann, gett lo ganz kritesch a freet no: Ob es dem Kunstliebhaber nicht wehtut zu sehen, wie so viele Kunstwerke weggesperrt werden?
EE: "Not a Graveyard for Art Works" heescht wéi jo schonns am FAQ och am Arendt senger Präsentatioun fir Luxembourg for Finance. Als Begrennung stinn hei d'Stechpunkten "Lobby, private Showrooms an ATA"...
CC: Essentiel, 22 Mee 2014: Le Freeport ne souhaite pas être qu'un coffre-fort. «Une grande maison d'enchères pense y présenter des œuvres, nous sommes en train de concrétiser cela. Une des plus grandes galeries du monde souhaite utiliser nos locaux pour exposer ses plus grandes œuvres et inviter des collectionneurs», illustre David Arendt.
FF: Ma, dann ass et jo emmerhin public fir Leit mat Fric?!
BB: En Artikel am Spiegel, Juni 2013: Am Flughafen des Großherzogtums entsteht derzeit ein edles Hochsicherheitslagerhaus mit schicker Steinfassade. Keine sechsstöckige Brutalarchitektur mehr wie in der Schweiz, sondern Kunst am Bau, damit die Reichen dieser Welt sich auch wohl fühlen. "Es wird eine Festung der Kunst", versprach David Arendt, der Chef des Luxembourg Freeport, auf einer Präsentation im Juni.
AA: Hei dem Arendt seng Äntwert fir d'Tageblatt: "Wir wollen nicht zu einem Friedhof für Kunst werden" sagt er und hofft, dass die Museen Europas ihn erhören. "Die Steuervorteile des Freeport, so erklärt Arendt, gelten nämlich für eine bestimmte Zeit weiter, wenn die Werke zum Zwecke einer Kunstausstellung irgendwo in Europa das Gelände verlassen."
BB: Wierklech, weiss mol!
CC: Wou steet dat?
(se versammelen sech all hannert dem Tageblatt Artikel)
FF: Tatsächlech.
EE: Dat heescht jo, dat awer déi einfach Leit sech déi Biller, Edelmetaller an Wäinfläschen ukucke können, wann de Propriétaire sech entscheed, se u Muséen auszeleien?

GG kennt nees op d'Bühn

GG: Majo natirlech. Doduerch ginn fir de Propriétaire zwar all déi Grenn verluer, wéinst deenen hien säi Bild an de Freeport gestallt huet: Secherheet, niddereg Versecherungskäschten, keen Transport, Anonymitéit, mä hey, do sinn dach bestemmt e puer sympathesch Multimilliardären dobäi, déi dem Vollek eppes Guddes doe wellen... Nee?
EE: Okay, ech sinn iwwerzeegt. De Freeport mecht also wierklech eppes fir eng lieweg Konscht, soss hätten so jo net sou dax Konscht gesoot, oder?
GG: Et ass net just gutt fir d'Konscht, och soss gett et immens vill Positives ze mellen. Liest weider!

CC: Hei, den Yves Bouvier am Wort, 14. November 2013: "Ein nachhaltiges Konzept: Dieser Gebäudekomplex soll hochmoderne und umweltfreundliche Technologien mit den neuesten Standards im Bereich des Energieverbrauchs sowie der Nachhaltigkeit vereinen."
AA: Dat ass zwar wierklech eng gutt Saach, well ech duecht schon, dat duerch déi ganz Fligeren, déi d'Konscht hin an hier transportéieren eis Emwelt ze kuerz geif kommen!
DD: An Aarbechtsplazen, nach eng Keier d'Wort: " [...] will also create between 50 and 100 jobs.
EE: Am Juni gouf et nach 17'635 Leit am Land am Chomage, wann een do lo déi 50 oofzitt, sinn et just nach 17'585.
FF: Do huet sech eis Politik jo dann wierklech eppes afaalen gelooss an an de richtege Projet ennerstetzt.
DD: Moment, ech liesen weider: Counting on the success of the venture, an expansion of the warehouse has already been made possible, should it become necessary, with more land available to the operators.
EE: Firwat wor dat lo op englesch? Dat wor dach am Wort?
BB: Jo, si hunn online och eng englesch Säit. Dat mecht et méi einfach fir déi Pressecommuniquén déi op englesch rakommen net virum Copy-Paste och nach duerch den Google-Translate ze schecken.
AA: Aarbechtsplazen, Emweltschutz, Stäerkung vum Konschtsektor, d'Groussregioun ass zefridden...

GG: Voila, dann wessen de Pöbel an eis Zuschauer jo lo och bescheed an können berouegt sinn...

D'Schauspiller kucken am Public ronderem

AA: Do sinn awer e puer skeptesch Blecker dobäi.
DD: Dat kéint zwar drun leien, dat déi meescht sech hei een Theatersteck erwaart hätten, Moliere oder sou...
FF: De skeptesche Bléck kennt net dovunner, dat d'Leit net verstaanen hätten, wat de Freeport wier, mä dat se nach net wessen, wéi se dat ganzt lo anuerdne sollen. Op se sech freeen sollen oder net.
BB: D'Leit hu wuel net verstaanen, dat hei endlech mol nees an eis Konscht investéiert gett.
DD: Hei gett Konscht grouss geschriwwen.
BB: No all deenen Spuermesuren am Konschtsektor mol endlech nees ee positivt Signal.
EE: Bon, wann all déi Explikatiounen net zu puren Ausbrech vu Freed gefouert hunn, dann musse mer lo wuel nees eis PR-Strategen selwer mat enger anstänneger Portioun Euphorie zu Wuert komme loossen.
FF: Den David Arendt an den Yves Bouvier?
EE: Jo, den David Arendt an den Yves Bouvier.
FF: De Pressecommuniqué?
EE: Jo, de Pressecommuniqué.
BB: Dat ass d'accord: Bréngt de Pressecommuniqué ran!
AA: Den offiziellen Pressecommuniqué vum The Luxembourg Freeport!

Szene 4: Pressecommuniqué

Den Pressecommuniqué gett an enger Prozessioun vum XY ragedroen an op den Riednerpult geluecht. Et entsteet eng gespaanten Paus, jiddvereen kuckt voll Respekt an Ehrfurcht op dat Dokument.

GG: Mä pass op, et stinn eng Reih Feeler dran.
XY: Kee Problem, ech liesen déi einfach mat!

XY konzentréiert sech, déi aner knéien sech ronderem de Riednerpult op de Buedem

XY: Luxembourg, le 17 Dezember, 2013. Im Beisein zahlreicher Gäste, welche die Investoren, Finanzierungsbanken, zukünftige Kunden und involvierten öffentlichen Verwaltungen repräsentieren, hat die zukünftige Freihandelszone Luxemburgs ***The Luxembourg Freeport***, die zur Zeit neben dem Cargo Center am Flughafen Luxemburg gebaut wird, heute die Fertigstellung der Arbeiten am Rohbau gefeiert. Die Feier fand in Form einer Weihnachtsfeier für die an der Baustelle beschäftigten Mitarbeiter und ihre Begleiter statt.
Fast auf den Tag genau ein Jahr nach dem ersten Spatenstich (die Zeremonie fand am 14 November 2012 statt), wird damit für ***The Luxembourg Freeport*** eine wichtige Etappe auf dem Weg zu seiner Eröffnung abgeschlossen..
„Wir sind sehr glücklich mit den Bauarbeiten, wie vorgesehen voranzukommen. Bis zum heutigen Tag haben wir den ursprünglichen Zeitrahmen aber auch das Budget einhalten können" freut sich Yves Bouvier, Vorsitzender von *Euroasia Investment*, dem Hauptinitiator des Projekts.
Olivier Thomas, zusammen mit Yves Bouvier einer der Investoren des Projekts fügt hinzu: „Ich bin sehr zuversichtlich dass das Projekt ein Erfolg wird. Die Tatsache dass ich mein neuestes Pferd meines Reitstalls „Free Port Lux" getauft habe und dieses vor kurzem das Pferderennen im französischen Longchamp gewonnen hat betrachte ich als gutes Omen".
« Wir wollen uns heute in erster Linie bei *Compagnie de Construction Luxembourgeoise* und ihren Mitarbeitern für die hervorragende Arbeit bedanken" fügt David Arendt, Geschäftsführer vom Bauherrn *The Luxembourg Freeport Real Estate S.A.* hinzu. „Mit CDCL haben wir den richtigen Partner für die Umsetzung dieses Projektes, welches das Landschaftsbild des Flughafens nachhaltig verändern und die logistische Plattform Luxemburgs bereichern wird, ausgewählt."
„Wir sind glücklich und stolz den zeitlichen Umsetzungsplan, wie er von Anfang an geplant war, einhalten zu können" sagt Jean-Marc Kieffer, Geschäftsführer von *CDCL*. „Das ganze Team, einschließlich der Mitarbeiter unserer Partner vor Ort arbeiten sechs Tage die Woche und bis zu zwölf Stunden am Tag um den Zeitrahmen für dieses hochkomplexe und für Luxemburg einmalige Projekt einzuhalten und eine."
Das Gebäudekomplex wurde vom Schweizer Architektenbüro *3BM3* konzipiert. Die Umsetzung der Arbeiten wurden vom Team *Design&Built* von *CDCL* übernommen, das wiederum von den luxemburgischen Architektenbüros *Architecture et Aménagement, Simon- Christiansen* sowie *Rigot-Rieben* unterstützt wird.
Bei der Realisierung des Projekts werden hochmoderne und umweltfreundliche Technologien mit den neuesten Standards im Bereich des Energieverbrauchs sowie der Nachhaltigkeit etwa bei der Auswahl der Baumaterialien, verbunden.
The Luxembourg Freeport ist ein logistisches Drehkreuz das in einem Hochsicherheitsumfeld und unter optimalen Bedingungen der Bestandserhaltung Lagermöglichkeiten und Panzerschränke für jegliche Art von Wertgegenständen bietet. Kunstwerke, Edelmetalle, Juwelen, Weine, Antiquitäten und Wertdokumente werden sich die Hand geben.
Die erste Projektphase umfasst etwa 22.000 m² Baufläche brutto bei einem Investitionsvolumen von etwa 55 Millionen Euro.
Ein paar bemerkenswerte Zahlen zum Projekt:
- 250 Arbeiter an der Baustelle,
- Verbauter Beton: 16.400 m³,
- Verbaute Verschalung: 47.400 m2,
- Installierte Ausrüstungsteile: 1.700 Tonnen.

60% der Mietfläche ist bereits reserviert. Die Inbetriebnahme ist für Mittwoch den 17. September 2014 vorgesehen.

Et entsteet eng Paus

BB: Ganz am Eescht?
XY: Jo?
BB: Dat ass awer net deck, dat doten.
XY: Moment, den Olivier Thomas huet souguer säi Päerd... Ah, leckt mech dach...

Den XY klemmt vun der Bühn roof a verschwennt.

EE: Mech huet de Pressecommuniqué zwar och net iwwerzeegt...
FF: Emmer dat Messtrauen, emmer déi Viruertdeeler géint räich Leit, dat ass eng richteg Hetzjuegd, déi dir hei veranstaltet.

Bletz an Damp, d'Luuchten ginn aus

AA: Ah
DD: Oh mäi Gott, wat ass dat?
FF: Ween huet op de Knäppchen gedreckt?

Stemm: Hei ass d'Stemm vun der Wourecht, d'Stemm vun der Vernonft, d'Stemm vun der Opkläerung. Hei ass d'Stemm vum Radio 100komma7.
De Freeport [...] entsprécht net den internationale Transparenz-Standarden: d'Fräihandelszone garantéiert den Anonymat vun hire Client'en a risquéiert doduerch zu Steierhannerzéiung a Geldwäsch bäizedroen, sou den Direkter fir Steierfroen bei der OECD Pascal Saint-Amans am 100,7-Interview.
FF: Dat kann dach alles net sinn. De Freeport, Stéierhannerzéieung? An dat hei, zu Letzebuerg? Ass dat een Albdraam? Mä Moment, d'OECD?
(Den FF mecht eng Täscheluucht un)
Dat sinn dach déi, déi emmer géint eist klengt letzebuerger Ländchen hetzen. Dat huet d'Tageblatt direkt erkannt! *(hellt eng Zäitung an liest fiir)*
"11. Januar 2014, Sacha Bremer vum Tageblatt: "Saint-Amans ist in Luxemburg kein Unbekannter, zeichnete er doch bereits verantwortlich, als es galt, den Luxemburger Finanzplatz auf die sogenannte schwarze Liste der OECD zu setzen." Aha.

D'Luucht geet lues nees un, bleiwt awer an gruselegem Hallefdäischter. Den FF ass alleng op der Bühn, liest aus engem Zäitungsartikel fir.

Auch David Arendt wurde ein Interview gewährt. Laut 100,7 dementierte er die Vorwürfe der Geldwäscherei nicht formell. Dies wollte Arendt gestern nicht auf sich sitzen lassen. „Im Nachhinein muss ich sagen, dass das Interview dermaßen unglücklich geschrieben wurde, dass der Eindruck entstehen musste, dass ich die Vorwürfe nicht dementiert hätte", so Arendt dem Tageblatt gegenüber. „Das will ich aber jetzt richtigstellen, indem ich sie formell dementiere." [...] „Mich schockiert, dass wir von einem OECD-Mitarbeiter Unterstellungen gemacht bekommen, bevor wir die Anlage überhaupt in Betrieb genommen haben", sagte Arendt dem Tageblatt gegenüber." Hey, firwat sinn ech alleng op der Bühn? An firwat ass d'Luucht sou schummereg? Mir hätten awer am TNL bleiwe sollen.

Ennert schwaarze Mäntel verstoppt, kommen déi aner lues a lues op d'Bühn, pesperen hieren Text.

AA: Format.at August 2013: "Kapitalflucht in die Kunst": "Die Eröffnung des neuen Luxembourg Freeport im September wirft ein Schlaglicht auf die diskrete Branche der Kunstanleger. [...] Weil selbst Schweizer Banken schon mit ausländischen Behörden kooperieren, wollen Reiche zunehmend Bargeld loswerden und kaufen dafür andere Werte. Im Vergleich zu Konten bieten Kunstsammlungen noch immer mehr Anonymität. Bilder lassen sich eben leichter bunkern als unversteuertes Geld."
BB: Hamburger Abendblatt, 31ten August 2014: Sie sind aufregender als Schatzinseln. Genauso

schwer zugänglich. Und auch hier herrschen ziemlich undurchschaubare Regeln. Das regt die Fantasie an. Kein Wunder, dass die riesigen Zollfreilager – deren jüngstes nun in Luxemburg eröffnet – zur Mythenbildung kapitalistischer Umtriebe beitragen.
DD: Also, wa scho Springer sou Artikelen schreiwt...
EE: The economist, November 2013: Freeports:
Über-warehouses for the ultra-rich. The world's rich are increasingly investing in expensive stuff, and "freeports" such as Luxembourg's are becoming their repositories of choice. Their attractions are similar to those offered by offshore financial centres: security and confidentiality, not much scrutiny, the ability for owners to hide behind nominees, and an array of tax advantages.
DD: Die Zeit, April 2013: "Im Bunker der Schönheit. Die Steuervermeidung bleibt ein beliebtes Spiel unter Reichen...
All déi Aner: Stéierhannerzéiung, Geldwäsch...
FF: Nee, stopp, Schluss, haalt op, d'ass jo gutt. Mir wellen keen Steierparadéis méi sinn...

Etienne laacht haart an diabolesch, stellt sech virun den FF

FF: Ween bass du?
Etienne: Ech sinn den Etienne Schneider.
FF: Hä, een Etienne Schneider mat schlechtem Gewessen wéinst Stéierhannerzéieung an dem Lageren vun decken Autoen?
Etienne: Hei, maacht mol hei w.e.g. eng aner Luucht.

Nees normal Luucht

FF: Hä, een Etienne Schneider mat schlechtem Gewessen...
Etienne: Ma nee, natirlech hunn ech kee schlecht Gewessen, ech sinn dach bei der LSAP. Mir sinn all déi Virwerf hei bekannt, an amplaatz hei bei der negativer Stemmung matzemaachen, dreinen ech déi ganz Stéierdumping-Geschicht einfach an d'Positivt. Hei, ehm, DD, stell mol déi Fro vum Tageblatt.
DD: Ein wichtiger Baustein der Logistikbranche ist der Freeport, der gegenwärtig auf dem Findel entsteht. Warum?
Etienne: "Mit dem künftigen Freeport auf Findel verschaffen wir uns einen deutlichen Wettbewerbsvorteil. Dieses Projekt integriert sich optimal in unsere Strategie, die Logistikbranche in eine Multi-Produktspezialisierung zu entwickeln. Außerdem gibt es keine vergleichbare Infrastruktur in der EU. Die Konkurrenz aus der Schweiz wird darüber hinaus blass aussehen, wenn diese neue Einrichtung auf Findel ihre Pforten nächstes Jahr öffnen wird."
FF: Haha, jo, d'Schwäizer kucken lo ganz domm aus der Wäsch.
BB: An amplaatz Steierdumping soen mir einfach Wettbewerbsvorteil?
Etienne: Ma natirlech.
EE: Also sou gett Letzebuerg säin Image als Steierparadeis zwar bestemmt net lass.
Etienne: Mä firwat wéilte mer dann keen Stéierparadéis méi sinn?
EE: Ma, ech duecht, dat wier net fein eisen Noperen géigeniwwer...
Etienne: Dat ass alles eng Fro vu de Stéierparadéis-Clienten. Mir hunn eis drem gekemmert, den Look e bëssi opzepeppen, dat däerf näischt drëchenes sinn, dat muss och eppes flottes sinn, dat muss interessant sinn, dat muss och e bëssi flashy sinn, dat muss virwerzeg maachen.
AA: Stemmt, dozou huet dach nach een lescht Joer op enger Konferenz iwwer d'Zukunft vun der letzebuergescher Finanzplaz gesoot: "Wir wollen uns nicht mehr um den belgischen Zahnarzt und den deutschen Fleischermeister kümmern."
Etienne: Deen Kommentar trefft et op de Punkt! Do hutt der et: Eis zukünfteg Clienten sinn high Network Individuals, déi hu mol guer keng Nationalitéit méi, déi schwiewen mat all hieren Suen wäit iwwert den Staaten, an mir bidden hinnen einfach eng Gelegenheet zu Letzebuerg ze landen. Ciao.
BB: Moment, ween huet dat gesot, dat mam Zänndokter a mam Metzler?
AA: Ech kucken kuerz no, ah hei steet et. Dee Saz kennt vum David Arendt, CEO vum Luxembourg

Freeport. Deen soot am nämlechten Kontext och: "replacer Quantité par Qualité".
FF: Maja, an dowéinst kennt d'TVA's Erhéigung och fir all Mensch, ausser fir d'Clienten Freeport. Ehm, hä?

Szene 5: Portraits der Superreichen: Yves Bouvier

FF: Jo, dat ass einfach eng aner Welt, déi vun eisen neien Clienten.
EE: Net just déi vun de Clienten, mä och déi vun eisen Politiker a Geschäftsleit, déi sou klever Tricks arrangéieren.
AA: Mir schwätzen hei déi ganzen Zäit vun Arendt a Bouvier... Wie sinn déi zwee iwwerhat.
BB: Majo... Den David Arendt ass ee letzebuerger Affekot.
(Um Whiteboard ginn Logoen vun Unien an Firmen opgehaangen)
Hien huet zu Grenoble, zu London an zu New York Droit studéiert.
Duerno huet en als Affokot geschaft, dunn als Account Officer bei der Investement Bank "Prudantial Securities", eng Firma, déi 3 Joer no sengem Depart am Joer 1990 wéinst Bedruch un hieren Investoren iwwer insgesamt 8 Milliarden Dollar weltwäit bekannt ginn ass. Säin näechsten Job wor dann de Posten als Vize-Präsident bei der Investmentbank Merrill Lynch, déi d'Finanzkris wéinst Milliardeverloschter am Lehman-Brothers-Stil baal net iwwerstaanen hätt, an déi op Drock vun der US-Regierung vun der Bank of America gerett gouf, dobäi sinn 30'000 Aarbechtsplazen iwwer Bord gaangen. Den David Arendt kruut dovunner naicht mat, hien wor schon ab 1994 net méi am Haus. Hien wor dunn Manager bei der BGL, e.a. fir d'Relatiounen mat Ratingagenturen zoustänneg. D'BGL, bzw. d'Fortis huet Joeren duerno vum Letzebuerger Staat gerett gi mussen. Vun 1998 bis 2011 dann bei der Cargolux an vun do aus ass en dann schlussendlech bei dem Yves Bouvier sengem "Natural le Coultre" geland, déi hien zum Managing Director vum The Luxembourg Freeport gemeet hunn.
DD: Krass. Wann alles e puer Joer duerno d'Baach oof geet, nodeems hien do mol geschafft huet, brauche een sech jo guer keng Suergen méi em d'Cargolux ze maachen.
AA: Dat ass jiddverfalls dach nach eng Biographie mat der een sech gäeren op Linked-In bretzt, nee? En hätt just eng méi aktuell Photo huele können.
CC: Eng Draamcarriere.
EE: An deen Här vun Natural le Coultre? Deen Yves Bouvier?
BB: Dat ass nach e bessi een anert Format, mä am Beschte loosse mer hie sech selwer virstellen.

Et schellt un der Dir. Et kennt een an iwwerdriwwenem Butler-Kostüm awer och iwwerdriwwe verkreppelt op d´Bühn a mecht d´Dir op, den Yves Bouvier kennt räus.

Bouvier: Willkommen, bienvenue, welcome, bongiorno, feliz navidad...
DD: Hei komm, AA, CC, maacht dir mol deen Interview.
CC: Ech? Ehm, okay. Sidd Dir lo deen Yves Bouvier.
Bouvier: Naturellement. Selbstverständlich. Of course. Naturalmente. Paella con carne. Entrez! Betreten Sie meine kleine bescheidene bourgeoise Pariser Wohnung. Regardez seulement ces tableaux aux cadres dorés avec en arrière plan ce remarquable papier-peint rouge-foncé ! C'est un style que j'ai choisi en l'honneur de la importance particulière de Paris dans l´histoire de l'art. Ainsi, chacune de mes demeures est aménagée en fonction de la ville où elle se trouve.
N´est-ce pas, majordomus?

Der Majordomus verbeugt sich und gibt unverständliche Laute von sich.

CC: Eeeh, okay.
BOUVIER: Kommen Sie herein spaziert, lassen Sie sich auf diesen wunderschönen geblümten Chaiselongues nieder und genießen Sie die Aussicht.

Alors, hier haben wir das Portät von Baudelaire, très parisien, jede meiner zahlreichen Wohnungen weltweit ist individuell eingerichtet, par-là können Sie Kunsthandwerk des Art Des cons bewundern.
DD: Aha, an hei ee seelent Stéck Stammeskonscht deem säi béise Bléck gebannt gi soll?
BOUVIER: Ah, eh, ça... Alors das ist ein Geschenk; ich habe sie zum Spiegel gedreht, weil ich sie von vorn nicht besonders mag, höhö. Ich weiß noch nicht mal, was das ist!
Wenn Sie dort aus dem Fenster schauen, sehen Sie den Élysée Palast. Voulez vous un apéritif?

DD: Eppes ze drénke, jo firwat net?

BOUVIER: Majordomus! *(klatscht zwei mal in die Hände)*

Majordomus läuft schnell weg und kommt mit einem Tablett mit einer zierlichen Teekanne zurück. Bouvier schlägt sie ihm aus der Hand.

BOUVIER: Allora, cosa volete sapere?
DD: Hä? Majo, mir sinn hei fir iech ee bessi besser kennen ze leieren. Mir welle gewuer ginn, ween déi Persoun ass, der eis Regierung souvill Vertrauen schenkt.
BOUVIER: Aaaah. Eh bien, ich bin ein logicien du commerce d'art global! Der globale Kunstmarkt hatte 2012 einen Umsatz von à peu près 43 Milliarden Euro, Sie verstehen? Mitschreiben, please!

AA: Hues du dat notéiert, wat deen Bouvier do seet?
DD: Nee, dat steet jo och alles an deem Artikel vun der Zeit.
AA: Zut, schonn nees ass d'Realitéit méi witzeg, wéi eis Witzer.
DD: Oh, waard mol nach bis dat Zitat mam Disneyland gläich kennt, dat gleews de net.
AA: Hoffentlech kréien mir eppes klenges z'iessen, deen Schampes geet net duer!

De Majordomus kënnt mat enger Fläsch Schampes an e puer Glieser op d Bühn gehumpelt.

BOUVIER: Ahhh! Merci Majordomus. Alors, wo war ich stehen geblieben. Ach ja, der Kunstmarkt! Praktisch jeder, der Kunstwerke sicher und steuerfrei lagern möchte stößt irgendwann auf mich.
DD: Monsieur Bouvier, wat ass dann ären perseinlechen Bezuch zur Konscht?
Bouvier: Je possède de nombreuses oeuvres d'art. Wie viele Werke meine eigene kleine private Sammlung umfasst weiss ich zwar nicht, aber ich kann Sie gut und sicher lagern. *(Schmunzelt)*. Vous voyez, ich habe die Traditionsspedition Natural Le Coultre 1997 von meinem Vater geerbt und übernommen. En outre, je suis aussi le PDG de Euroasia Investment Holding, situé à Singapoure. Voilà mon rapport avec l'art! Von frühester Jugend an, en accompagnant les affaires et le business de mon père.
Aber das ist noch nicht alles ! Mon âme sensible est également attirée par des choses exquisistes comme les bons vins, les métaux précieux, les voitures de collection... c'est pourquoi vous trouverez tout cela dans les ports francs que j'ai fait consrtuire partout à travers le monde. Der näechste ist in Beijing in Aufbau.

AA: An trotzdem sitt Dir trotz all deene bemierkenswäerte Leeschtungen engem méi breede Public onbekannt. Wéi kann dat bei engem sou villbeschäftegte Mann sinn?
Bouvier: Discrétion, messieurs, discrétion. C'est cela, mon métier.

Verhör. Am Whiteboard werden die einzelnen Stationen des gefälschten Bildes aufgezeichnet.

DD: Et leien Dokumenter fir, dat dir u Milliounendeals mat Biller aus der klassescher Moderne bedeelegt woort, déi sech spéider als Fälschungen erwisen hunn.
Bouvier: Ech, dorunner kann ech mech...
AA: Dir hat déi Geschäfter iwwer eng Duechterfirma vun ärer Euroasia-Investmet Holding

ofgeweckelt, mat Setz op den Cayman-Inselen.
DD: Grad e mol dräi Joer ass et hier, dat den Konschtfälscher Wolfgang Beltracchi iwwerfouert gouf.
AA: Iwwer dräi Joerzengter huet hien Biller gefälscht. Op de Konschtmarché sinn déi Biller iwwert Kontaktpersounen geroden, wichteg dobäi wor et virun allem, dat renoméiert Konschtexperten déi Biller als "echt" deklaréiert hunn.
DD: Seet iech den Numm Werner Spies eppes?
AA: Noodeems den Werner Spies eng Fälschung vum Max Ernst sengem Bild "la Foret"...
DD: Dat heescht "Der Wald"
AA: Ech mengen dat ass him bewosst...
DD: Ah.
AA: Noodeems den Werner Spies eng Fälschung vum Max Ernst sengem Bild "la Forêt" als Original deklarréiert huet...
DD: An fir seng Expertise an Hellef bei der Vermettlung von e puer sou Biller 400.000 € op ee schwäizer Kont iwwerwise kruut...
AA: Ass "La Forêt" verkaf ginn.
DD: Ursprünglech fir 1,7 Mio. Dollar
AA: Et huet dunn den Tour em d'Welt gemeet, emmer iergendenger anerer Firma gehéiert...
DD: Salomon Trading LLC, Lontel Trading S.A. (Panama), schlussendlech der "Diva Fine Arts S.A." vun den britischen Jongfraen Inselen
AA: An op der ganzer Reess huet sech säi Wert verdräifacht.
DD: Diva Fine Arts S.A. huet "La Forêt" fir 7 Mio. Dollar un d'Hanna Graham Associates Inc. op den Bahamas an vun do aus ass d'Fälschung dann op New York komm.
AA: Diva Fine Arts S.A. Seet iech dat eppes, Härr Bouvier?
DD: Et ass net är eenzeg Bréifkeschte Firma, Härr Bouvier.
AA: An "la forêt" net déi eenzeg Fälschung bei derem Verkaf dir d'Fangeren am Spill hat. Dem Max Ernst säin "tremblement de terre"
DD: Dat heescht iwwersat "Erdbeben".
AA: Soit. Se Sinn Iech op der Spuer, Bouvier!
DD: Genee, se sinn iech op der Spuer, Bouvier!
AA: An wéi d'schwäizer Anwaltschaft, op Ufro vun der däitscher Justiz bis virun äerer Dier stoung...
DD: Jo, wéi d'schwäizer Justiz bis virun äerem Palais stoung...
Bouvier: Do huet sech rausgestallt, dat ech leider net méi an der Schweiz wunnen, dat Fine Arts S.A. kuerz virdrunner oofgeweckelt gi wor an dat mir keen eppes kann.
AA: Dir schwätzt letzebuergesch?
Bouvier: Äert Land ass ee wonnerbart Land. Dowéinst hunn ech och bei iech mäin neien Freeport gebaut.
DD: Penibel.
AA: Ech mengen mir gi lo besser...

BOUVIER: Mä Moment, ech hunn iech nach guer näicht vun mengen neie Pläng hei zu Paräis erzielt. Á Paris je ferai quelque chose de différent. Paris braucht keinen Freihafen, sondern eine Vision für den Umgang mit Kunst. Das Projekt heißt : R4! Ich habe auf der Ile de Séguin bescheidene 28000 mètres carrés gekauft. Ein riesiges Kompetenzzentrum mit Ateliers, Stipendiatenwohnungen, Ausstellungsflächen, Lagerräumen und Auktionssälen. Es soll eine Art Disneyland werden, in dem alles erlebbar ist, was die Kunst bewegt.

AA: Gutt, ehhh, wéi kennt ee lo hei rem räus?
BOUVIER: Attendez, j'appelerai meinen Majordomus! MAJORDOMUS!

De Majordomus kennt äus deem aneren Eck vum Theater ragestolpert.

MAJORDOMUS: Eeehmm... Ähhh...

Bouvier : Majordomus, führen Sie die Herrschaften wieder hinaus. Au revoir! Ciao! Bye! Me gusta Don Quijote de la Mancha.

AA ass lenks vun der Bühn, den DD ass an de Sall ragelaaf (Op der Bühn gett de Whiteboard rausgedroen an d'Still opgestallt)

Szene 7: Gesetze-Schreiben mit Luc Frieden

DD steet bei der Trap an rifft rop

DD: Dat kann jo einfach net sinn. XY!
XY: Kann een mol net méi a Rou do uewen seng Peking-Int friessen.
DD: Dat kann dach net sinn, dat deen Typs domat duerchkennt.
XY: Deen kennt net just domat duerch, deen kennt domat och op Letzebuerg. Am Freeport hei kann hien déi nämlech Geschäfter maachen: Natural le Coultre ass net just Proprietaire, mä och een vun den gréissten Clienten. Wann se am Freeport Biller ennerteneen an ouni TVA hin an hier verkafen können steigert sech de symboleschen an de reale Wäert. Konschtspekulatioun eben.
DD: An soueppes ennerstetze mir, deene Leit schenke mir Vertrauen?
XY: Sou Leit schenke mer net just Vertrauen, mä och alles wat néideg ass fir hei hiere Freeport opzebauen.
DD: Wat schenke mer hinnen?
XY: Ma kuck der déi näechst Szen un. D'Dialoger sinn fiktiv, mä d'Resultat ass real.

4er Reih op der Bühn.
Den Yves Bouvier rifft dem David Arendt un.

ARENDT: Arendt?
BOUVIER: *(mat grausamem schwäizer Accent)* Jo, Yves Bouvier hei.
ARENDT: Ah, salut Yves, wat leeft?
BOUVIER: Jo, ca va. Alt nees e Max Ernst fir 5 Millioune verklappt.
ARENDT: Oha. Awer hoffentlech een Original.
BOUVIER: Och, wat de Keefer net weess mecht en net hees. Egal. Firwat ech der uruffen: de Freeport.
ARENDT: Jo...?
BOUVIER: Ma, mir musse lo mat Natural Le Coultre, eng fu mengen Firmaen geschwënn eng Décisioun treffe wou mer dee baue wëllen. Deen Alen zu Singapore gett sou lues voll.
ARENDT: Ma dann komm dach op Lëtzebuerg. Du weess, Geldwäscherei ass hei Patrimoine culturel!
BOUVIER: Dat ass kloer, als Schwäizer kennen ech meng Kollegen, allerdéngs gëtt et bei Iech sou ee Gesetz dat muss emgeännert ginn...
ARENDT: Ah, du mengs d'loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée .
BOUVIER: Genee! Do muss eppes gezwafft ginn, fir datt esou eppes wéi ee Freeport iwwerhat méiglech ass, soss kënne mer direkt apaken.
ARENDT: Maach der do keng Suergen, ech maachen dat an d'Reih.
BOUVIER: Opwuel dat u sech net konform mat EU-Gesetzer ass?
ARENDT: Dat huet hei nach keen gesteiert.
BOUVIER: Dann maach dat direkt. Déi vun Amsterdam wëlle lo eng Äntwert, ob mir lo wëlle bei si oder bei Iech.
ARENDT: Da waart, ech ruffe mengem Kolleg dem Friedens Luc un. Déi Saach as a fënnef Minutte geregelt.

BOUVIER: T' ass gutt!

Se leeën op, dem Frieden säin Telefon schellt.

FRIEDEN: Frieden?
ARENDT: Jo, David Arendt hei!
FRIEDEN: Ah. David, salut.
ARENDT: Salut, pass op, e Kolleg vu mir an ech, mir haten do sou eng Iddi. Mir géifen do gär sou ee Freeport bauen...
FRIEDEN: Ee Freeport?
ARENDT: Jo, du weess, sou ee klengt Haischen um Findel wou ee ka Konschtwierker dra lageren.
FRIEDEN: Jo an?
ARENDT: Maja, als klenge Bonus fir eis Clienten wollte mer dat steierfräi maachen...
FRIEDEN: Ah, du wëlls den d'loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée änneren...?
ARENDT: Genee. Ass dat emständlech?
FRIEDEN: Gewass, ech ruffen dem Heng un, an dann leeft déi Saach.
ARENDT: Dem Grand Duc?
FRIEDEN: Stelbstversändlech. Ech ruffen der a 5 Minutten zreck.

Se hänken an. De Frieden rifft beim Grand-Duc un, den Arendt beim Bouvier.

GRAND-DUC: Nous.
FRIEDEN: Wat gelifft?
GRAND-DUC: Mir.
FRIEDEN: Ah, jo, natierlech. Moien Altesse, stéieren ech?
BOUVIER: Bouvier?
GRAND-DUC: Ah. Luc, du bass et. Nee kee Problem…
ARENDT: Jo, salut Yves, den David nach eng Kéier.
GRAND-DUC: Ech leie grad zu Cabasson op der Plage.
BOUVIER: Ah, David.
ARENDT: Ma, mäi Kolleg de Luc huet gemengt, dat leeft.
FRIEDEN: Oh, ma ech wollt Iech net laang stéieren.
GRAND-DUC: Wat läit der um Häerz mäin Untertan?
BOUVIER: Dat leeft?
FRIEDEN: Ma, mir hunn do sou ee Gesetz, dat ass net méi ganz aktuell...
GRAND-DUC: Oh nee, domat kritt dir mech net méi, dat mat der Euthanasie wor fir d'Läscht datt ech mech agemëscht hunn.
FRIEDEN: Ma nee, dat hei ass ganz anescht, mir wellen hei seier eppes änneren an brauchen dann just seier Är Ennerschreft.
ARENDT: Dat leeft, a fënnef Minute rifft hie mer zreck, da steet dat Gesetz.
BOUVIER: Wonnerbar! Mä pass op, mir ass do eppes agefall...
GRAND-DUC: Schéiss lass...
FRIEDEN: Ma, et geet just ëm d'loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée . Ech wéilt do gären e bëssi eppes dobäikritzelen, just e puer Wierder...
GRAND-DUC: Dat heescht konkret?
ARENDT: Hu mer nach e Problem?
BOUVIER: Just ee klenge Problem, mir hunn do nach kee Grondstéck...
FRIEDEN: Maaa... sont exonérées de taxe : - les livraisons et acquisitions intracommunautaires de biens destinés à être conduits en douane et placés, le cas échéant, en dépôt temporaire.
ARENDT: Wéi? Kee Grondstéck?
BOUVIER: Ma mir hu kee Grondstéck.

ARENDT: Stëmmt, zut, dat hate mer vergiess.
FRIEDEN: An... sont exonérées de taxe les livraisons et acquisitions intracommunautaires de biens destinés à être placés dans une zone franche ou un entrepôt franc.
ARENDT: Ok, ech schwätzen do nach eng Kéier mam Frieden driwwer, mä de Lëtzebuerger Staat huet do grad en Häushaltslach, dat kéint schwiereg ginn…
GRAND-DUC: Mä Luc, dat klengt alles e bëssi verdächteg... Dir wëllt dach do keng kromm Geschäfter maachen?
FRIEDEN: Nee, nee... Do sinn zwee Häulien déi wëllen ee Freeport bauen. Praktesch Saach, do kann ee steierfräi Wäertgéigestänn drapuchen.
GRAND-DUC: Oh, dat wir vläit eppes fir meng Fra!
FRIEDEN: Ehm, Altesse, Är Fra kënnt der do net drastiechen.
GRAND-DUC: Ma nee, mä si beklot sech dauernd datt se keng Plaz huet fir menger Mamm hir Bijouen ze verstauen.
ARENDT: Ech kucke mol, wat sech maache léisst. *(Leet op.)*
FRIEDEN: Dat léisst sech arrangéieren.
GRAND-DUC: Ma, da fax mer dat eriwwer, an dann ënnerschreiwen ech dat...
FRIEDEN: Allez Altesse, da wënschen ech Iech nach eng schéi Vakanz.
GRAND-DUC: Merci. Sou, ech muss lo eppes iesse goen. TRÉISSSSSSSSSS! *(leet op)*

Dem Frieden säin Telefon schellt.

FRIEDEN: Frieden?
ARENDT: Jo, Luc, ech sinn et nach eng Kéier.
FRIEDEN: Et ass gebongt.
ARENDT: Super! So läuschter... Mir hunn do nach e Problem...
FRIEDEN: Wat dann?
ARENDT: Ma, mir hunn do nach kee Grondstéck kaf...
FRIEDEN: Oh mei...
ARENDT: Jo, an ech weess lo och net, wou mer dat nach sollten hirhuelen...
FRIEDEN: Moment, vläit léisst sech do een Deal arrangéieren.
ARENDT: Jo?
FRIEDEN: De Jean-Claude huet driwwer nogeduet een neie Wäikeller ze bauen... Kéint en deen net och am Freeport lageren...
ARENDT: Ma wéivill Fläschen huet hien dann...
FRIEDEN: Oh... sou 750.000.
ARENDT: Ah, ma da baue mir him einfach sou ee flotte Keller ran.
FRIEDEN: Ma, da schenkt d'Regierung Iech einfach een Terrain vun 22.000 m2.
ARENDT: Super!
FRIEDEN: Nedu, David, eng Hand wäscht di aner. Braucht der och nach Stroossen fir dohinner, dann ginn ech dat direkt un Pont et chaussées duerch. Op Staatskäschten Selbstverständlech.
ARENDT: Majo dat wier wierklech praktesch.
FRIEDEN: Bon, allez, mir gesinn eis.
ARENDT: Speitestens op der Awéiung, bis dann!

Szene 8: Fazit

Erzieler: An sou gouf de Freeport schlussendlech gebaut. An der Chamber hunn CSV, LSAP, DP an ADR den Porjet de Loi gestemmt, an sou kruut Natural le Coultre kruut vum Staat en Gesetz, een Terrain an eng Strooss an och soss all méiglech administrativ Hellef, vun der een nemmen dreeme kann.

Wou de jonke Kenschtlerkollektiv mat senge Recherchen um Enn wor, huet en dat alles net witzeg fonnt an wor zimmlech frustréiert. Se sinn dunn op de Findel kucke gefouer. Se hunn net vill gesinn, et kennt een net run, nach virum Parking vum Freeport ass eng Barrière, fotograféieren ass verbueden.

D'Leit vun der Security woren awer zimmlech sympathesch an hunn sech eng hallef Stonn laang ugelauschtert, wéi sech d'Leit vum Kollektiv iwwert de Freeport opgereegt hunn an dunn nees fortgefuer sinn.

Déi aner kommen op d'Bühn.

DD: An dunn?
Erzieler: Ehm, Moment *(bliedert am Buch hin an hier)* Dunn hu se um Kulturministère ugeruff a gefroot, op déi nach Ticketen hätten fir d'Ouverture vun deem neie Musée um Findel...
EE: A wat hu si gesot?

Aspiller.

Erzieler: Dunn wore se sou rosen, dat se direkt beim Wirtschaftsministère ugeruff hunn, an sech do scho preventiv beschwéiert hunn, well jo lo wéinst deenen ganzen illegalen Aktivitéiten ronderem de Freeport och bestëmmt mat méi Fluglärm Nuets iwwer ze rechnen wier.

CC: Wat sooten déi dozou?

Aspiller.

AA: An dunn?
Erzieler: De Raphael wollt nach beim Freeport ugeruff fir do nozefroen, wéi dat sou geet fir alles ze verklappen.

DD: A wat sote si?

Aspiller.

DD: Oh, déi Madame klengt jo net grad begeeschtert...
Erzieler: Jo, dat kann dru leien datt de Raphael sech verwielt hat.
DD: Wou hat hien dann ugeruff?

Aspiller.

(**Erzieler:** An dat nämlecht hu se nach eng Kéier probéiert an deems se iwwer verschidden Weeer probéiert hunn op déi grouss Freeports-Konferenz an der Philharmonie ze kommen, mä dat huet och net funktionéiert.)
FF: An wéi ass et dunn weidergaangen?
Erzieler: Ma guer net... D'Geschicht ass riwwer.

AA: Hä? Dat ass de Schluss vum Stéck.
EE: Ech sinn zimmlech enttäuscht.
BB: Dat ass egal wat, dat gouf net mat eis ofgeschwat.
Erzieler: Majo, dat ass awer de Schluss vum Steck, méi steet och lo hei net.
CC: Dat ass net d'accord.
AA: Dat doten kann onméiglech de Schluss vum Stéck sinn. XY! GG! LL!

FF: Ween huet de Kack do geschriwwen?

XY kennt op d'Bühn

XY: Ass d'Stéck scho riwwer?
AA: Ma hatt seet d'Steck wier riwwer, ween huet deen Text geschriwwen?
XY: Ma keng Ahnung, fro den LL.
LL: Ma wat hätt een do dann nach aaneschtes lo schreiwe sollen. Et ass eben sou, et kann een näicht maachen.
FF: Mä dat ka jo awer net de Schluss sinn, dat ass jo extreem fatalistesch. Mir erkläeren hei stonnelaang wéi brutal deguelasse de ganze Freeport ass, wéi Letzebuerg sech ubidd, fir deenen Räichen den Henner ofzeweschen, an stellen dann fest, dat een awer och guer naicht lo maachen kéint.
XY: Jo mä bon, en Theatersteck muss jo och lo net de Leit iergendwei iergendeppes matginn, dat ass deen Aktionismus hei am Grupp, deen mir déi ganzen Zäit schon op d'Schlappen geet. Loosst d'Leit dach einfach lo heemgoen.
DD: XY, dat leeft dach einfach net.
BB: De Freeport ass sou plomp, sou offensichtlech, se gi sech net mol d'Méi iergendeppes ze verstoppen.
EE: Et ass einfach just peinlech, et muss een sech sou an desem Land schummen.
Erzähler: Lo geet et awer duer, ech hunn hei just matgespillt, fir dat lescht Wuert ze kreien, an lo ruinéiert dir hei meng Szeen.
AA: Wat maache mer dann lo? Wéi ee Schluss kritt dat Steck?

DD: Et kéint eng Szeen ginn, an der den Yves Bouvier bei eis kennt a seet: Hey, ech fannen är Filmer an theaterstecker sou cool, ech geif déi nawell gäeren bei mir an de Freeport sperren.
BB: An mir soen natirlech zou, gi räich an liewen saat an zefridden.
CC: Goil, eis Wierker am Freeport.
LL: Stemmt, dat ass jo wuel dat héichstent Luew wat een engem Konschtwierk maachen kann: do am Keller ze stoen!

Se kreien sech all mega an d'Hoer

FF: Wei schiel ass dat dann
EE: Buh!
FF: Ech si raus!
XY: Mir mussen een Opruff fir terroristesch Attacken op de Freeport hei un de Schluss setzen. Mir kéinten eng Uleedung hei virliesen, wéi een Bomme baut. Déi fennt een am Internet.
LL: Moment, mir liewen hei net an engem Verbriecherstaat.
CC: Offensichtlech dach!
DD: Moment, welle mer wierklech Gewalt als Leisung fir dese Probleem...
XY: Ma, et ass jo net Gewalt Gewalt...
CC: Wann dat um Schluss steet, sinn ech raus
DD: Iech ass schonn bewosst, dat deen Schluss nach méi traureg wier, wéi deen virdrunner, well en nach vill méi symbolesch ass dofir, dat mer einfach guer naicht maachen können.
XY: Deng Mamm ass een traurege Schluss.

Erzieler: Mä bekäppt dir et dann net, et kann een och guer naicht maachen. An dowéinst huet äre Protest keng Konsequenz an dest Stéck och kee Schluss, an dat ass de Schluss vum Stéck an vun der ganzer Prozedur hei!

GG: Sorry, ech sinn ze spéit, ech... Wat ass dann hei lass?
AA: Mir wessen net, wat mer géint de Freeport maache sollen!

GG: Ma, mir maachen en Theatersteck driwwer.
HH: Géi mol op Free your stuff a schreif "NEED GEHIR", mir si jo grad domat amgaang du Vollhorst.
GG: Da gi mer einfach heem. Dréck einfach op däi Knäppchen, an dann hal d'Schness.

Applaus.

(Vläit: Zugabe.

AA: Firwat huet dat Stéck lo eigentlech Freeport Culture's safe geheescht?
FF: Dat gouf hei scheindemokratesch duerchgeboxt.
LL: Firwat?
FF: Well ech net seier genuch wor, een aneren Titel scheindemokratesch duerchzeboxen.
BB: Majo, well dat ka souwuel "de Safe vun der Kultur" bedeite, wéi och "d'Kultur ass a Secherheet".
CC: Subtil. Mä e bessi hipster.
BB: Jo, mä déi aner Titelen, déi zur Äuswahl stounge wore wierklech net besser.
CC: Déi wire gewiescht?
AA: Ma z.B. ganz einfach nemme "Freeport".
CC: Stemmt, dat ass e langweilegen Titel.
BB: Oder "Eise Léiwe klenge Freeport".
DD: "Eng Schatzkummer fir eis all."
FF: "Saving Private Art".
BB: "Kultur ist mehr wert...Steuer"
FF: "Free Portugal"
CC: Au, lo gett et scho sou richteg schlecht.
AA: "Soirée Yves Bouvier."
XY: Jo mä dat hätt kee verstan, da léiwer "Ich bin ein Bild, holt mich hier raus."
DD: Net ze vergiessen "Klunkerbunker - Eine Rumpelkammer für die Reichen", oder "Picasso's Besenkammer".
GG: "Hinter Gittern, der Bilderknast."
AA: "Arend macht frei"... also Steierfräi
BB: Die Endlösung der Kunstfrage.
XY: Konschtendstatiounslager.
CC: Also, lo alles mat NS-Referenzen, oder wat?
AA: The Luxembourg Freeport S.A. marschiert mit ruhig festem Schritt.
CC: Hal op mat deem Schäiss! Mir sinn hei net mam Astrid Lulling um Wäifest.
BB: Ah, net? Ech duecht...
HH: Ech drecken lo op de Knäppchen
All: Keen däerf op de Knäppchen drecken.

)